International - Lëtzebuerger Schüler am Malawi

# D'Liana an den Alec an hirer Roll als Unicef-Jugend-Ambassadeuren

Vum Vido Kuzmic|Update: 20.11.2019 19:19|

Unicef-Jugend-Ambassadeuren




Et ass eng Rees, déi d'Liana an den Alec net méi sou séier vergiesse wäerten.

Déi zwee Lëtzebuerger Schüler waren nämlech am Malawi, net fir Vakanz ze maachen, mee fir sech Hëllefsprojeten unzekucken – an hirer Roll als Unicef-Jugend-Ambassadeuren.

D'Liana Neu an den Alec Hansen sinn zwee vun 10 Jugend-Ambassadeuren, déi Unicef Lëtzebuerg dëst Joer am Kader vum 30. Anniversaire vun der Kannerrechtskonventioun rekrutéiert huet. Si sinn 16, respektiv 17 Joer jonk, a si scho ganz engagéiert. Den Alec interesséiert sech scho laang fir humanitär Aarbecht, wousst awer ni wéi hien als Jugendlechen kéint aktiv ginn. D'Liana ass par conter schonn a villen Organisatiounen aktiv, a wëll déi Jonk zu Lëtzebuerg doriwwer opklären, dass et net jidderengem esou gutt geet wéi hinnen. Dat hu si am Malawi mat eegenen Aen gesinn.

Sie hu virun allem Projeten an de Beräicher Educatioun, Gesondheet an Ernierung besicht. A si hunn aner Jonker kennegeléiert, déi zwar a schwierege Konditiounen grouss ginn, awer grouss Ziler fir hir Zukunft hunn. Sou wéi d'Halima Silva, wat am 8. Schouljoer ass a spéider Infirmière wëll ginn. Dass hatt seng Schoul ofschléisst, ass awer net selbstverständlech. Virun allem Meedercher briechen d'Schoul dacks fréizäiteg of, wéint Hochzäiten, Schwangerschaften a well se doheem am Haushalt mussen hëllefen. D'Zil vun der Unicef ass et dofir, méi Schüler ze erreechen, si méi laang an der Schoul ze halen an et Schoulofbriecher ze erméiglechen rëm zréck ze kommen.

Problemer ginn et awer och am gesondheetleche Secteur. 54% vun der malawescher Populatioun musse 5 Kilometer oder méi op sech huele fir an eng Klinik ze goen. Wéi een dogéint virgoe wëll, hunn d'Liana an den Alec zu Mitundu an enger sougenannter "Outreach clinic" gesinn. Ee Mol de Mount fuere Leit, déi normalerweis am Spidol schaffen, eraus an d'Duerf fir Kanner ze impfen an op Ënnerernierung z'iwwerpréiwen. Véier kleng Dierfer, also ronn 2.000 Awunner, profitéiere vun dësem Service. D'Zil vun der "outreach clinic" ass et, gesondheetlech Déngschter méi no un d'Leit ze bréngen. An effektiv konnten zanterhier all déi Kanner erreecht ginn, déi soss net ze erreeche waren.

Fir déi zwee Lëtzebuerger Schüler ass d'Visitt vu Spideeler a Schoulen am Malawi eng Erfarung déi zum Nodenken ureegt. Zréck zu Lëtzebuerg wëllen d'Liana an den Alec hir Erfahrunge weiderginn a sech staark maache fir d'Rechter vun de Kanner – sief et doheem oder am Ausland.